adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 JAN. 2015
844

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Am Kader vun den Diskussiounen iwwert d'Juegd op Fiiss sinn ech nees op eng Krankheet opmierksam ginn, déi vun deenen Déieren iwwerdroe gëtt : de „Fuussbandwuerm". Dofir wëll ech dës Froen un d'Madame Gesondheetsministesch stellen:

1. Gouf et zu Lëtzebuerg déi lescht zéng Joer Fäll, wou Mënschen um „Fussbandwuerm" erkrankt sinn a wa jo wéi vill?
2. Ass dës Kränkt heelbar?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Luxembourg, le 9 février 2015

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
11 FEV. 2015

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 LUXEMBOURG

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe une réponse à la question parlementaire n° 844 du 19 janvier 2015 de Monsieur le député Roy REDING.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération distinguée.

La Ministre de la Santé,

Lydia MUTSCH

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION
SCL:
Entré le: 11 FEV. 2015
CHD:
CE:
A traiter par:
Copie à:

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85505
Fax (+352) 46 79 63

Adresse postale:
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*9.2.2015*

**Réponse de la Ministre de la Santé
à la question parlementaire n° 844 de Monsieur le député Roy REDING
concernant Echinococcus multilocularis**

---

De Fuussebandwuerm ass e Bandwuerm dee beim Fuuss am Daarm lieft a sech duerch Eeër, di an der Fuusslousung ausgescheet ginn, vermeit. Wann di Eeër an den Daarm vu Meis zum Beispill kommen schlüpfen heirauser Larven di sech dann am Kierper vun deenen Déieren, dem normalen Zweschewiert, festsetzen a sech do vermeien. Wann de Fuuss dann esou eng befale Maus frësst, da verwandelt di Larf sech am Fuuss sengem Daarm zum Bandwuerm an den Zyklus ass geschloss.

De Mënsch kann awer duerch onglécklech Ëmstänn zoufälleg e puer esou Eeër ofschlécken an da geschitt dat selwecht wéi beim normalen Zweschewiert: d'Larve schlüpfen a kënne sech an der Liewer festsetzen an do no laanger Zäit, en etlech Méint oder Joeren, e Schued verursaachen deen zum Doud ka feieren, wann net behandelt gëtt. Wei et derzoukennt das de Mënsch solchEeër ophellt ass net richteg erfuescht. Hënn oder heiansdo Katzen kënnen och emol Iwerträger vun deem Wuerm sinn a spillen no rezenten Ënnersichungen eng gewëssen Roll bei mënschleche Fäll.

Di Krankheet ass meldepflichteg zu Lëtzebuerg. Se ass éischter rar bei eis an et sinn an deene leschten 10 Joer 2 mënschlech Fäll vun Echinococcose beim Gesondheetsministère gemellt ginn.

Je no Stadium ginn et Behandlungsmethoden, wéi zum Beispill eng Entfernung aus der Liewer duerch e chirurgeschen Agrëff: esou kann een eventuell di Krankheet heelen. Wann dat net méiglech ass gëtt et eng Therapie mat Medikamenter di d'Verschlëmmerung vun der Krankheet verhënnert an iwwer laang Joeren muss geholl ginn.

Folgend Virsiichtsmoossnamen sinn unzeroden:

1. Hënn a Kazen regelméisseg entwuermen.
2. No der Aarbecht dobaussen (Gaart, Feld, Bësch, ...) soll een sech d 'Hänn gutt wäschen.
3. Kot, dee kéint vun engem Hond, enger Kaz oder engem Fuuss sinn, net bereien, wa méiglech entsuergen an sech duerno ëmmer gutt d'Hänn wäschen.

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85505
Fax (+352) 46 79 63

Adresse postale:
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu